N° 120
Entrée le 19.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 120 vum 18. Dezember 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

*Fro 1: Kann d'Madamm Minister elaboréieren, firwat déi Aarbechten, déi ursprénglech bis den 2. November annoncéiert waren, sech lo op en ëffentlech net genannten Datum verzögeren a preziséieren, bis wéini genee den Trafic nees soll normaliséiert ginn?*

Déi ursprénglech Aarbechten, déi wéinst engem Tëschefall un der Deenungsfou um Viaduc Mënsbech hu missten duerchgefouert ginn, waren zu dem annoncéierten Zäitpunkt ofgeschloss. Et huet sech bei dësen Aarbechten em eng provisoresch Léisung gehandelt, déi bis zum definitive Remplacement vun der Deenungsfou bestoe bleift. Duerch dës provisoresch Léisung sinn déi aktuell Spuerbreeten a Vitesslimitatiounen néideg ginn. Déi deementspriechend Etudë fir déi definitiv Léisung sinn um lafen. Deemno wäert déi ursprénglech Situatioun viraussichtlech fréistens nom Summer 2024 rëm hiergestallt kenne ginn.

*Fro 2: Kann d'Madamm Minister elaboréieren, ob wärend dem Laf vun den Aarbechten zousätzlech technesch Erausfuerderungen identifizéiert goufen a wéi dës zu de Verzögerunge bäigedroen hunn?*

Et goufe keng zousätzlech technesch Erausfuerderungen identifizéiert.

*Fro 3: Kann d'Madamm Minister elaboréieren, ewéi déi Decisioun motivéiert ass, iwwert e Mount nom ugekënnegten Enn e fixe Baustelleradar opstellen ze loossen? Falls op dëser Plaz effektiv opgrond vum Zoustand vun der Infrastruktur e Sécherheetsrisiko besteet, wier et dann net méi sënnvoll den Ofschloss vun den Aarbechten ze prioriséieren?*

Déi provisoresch installéiert Léisung ass, wéi schonn an der Fro 1 beschriwwen, op eng reduzéiert Geschwindegkeet ausgeluecht. Fir d'Sécherheet vun de Stroossenotzer*innen ze garantéieren, muss also déi maximal zouläsalém Geschwindegkeet op dëser Plaz limitéiert ginn. Fir d'Anhale vun der reduzéierter Geschwindegkeet ze garantéieren, gouf deemno e Baustelleradar installéiert.

De Joint fir déi definitiv Léisung muss op Mooss hiergestallt ginn, dowéinst war et net méiglech an dem kuerzen Zäitraum déi ofschléissend Aarbechte fir d'Ersetze vun der Deenungsfou duerchzeféieren. Fir de Verkéier bis zum Ofschloss vun den definitiven Aarbechten awer op zwou Spuere kënne circuléieren ze loossen,gouf wéi ewell duergeluecht, eng provisoresch Léisung ëmgesat.

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2024.

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes